Fësch aus Lëtzebuerg

Zesummegestallt vum: WEYLAND Nico weylandn@pt.lu / NEUMANN René rene@neumann.lu / THILL Lucien lucien.thill@lu.coditel.net / / März 07

©Routa

LU: Routa
DE: Rotauge, Plötze, Kühling
FR: Gardon
LT: Rutilus rutilus, Leuciscus rutilus
Gréisst : 25 - 30 cm, max. 50 cm.
Gewiicht: normal bis ca. 1 kg
Kierper: De Kieper ass oofhängech vum Alter a vum Gewässer, méi oder wéineg héichréckeg a säitlech oofgeflaacht. Opfaalend sinn déi rout Aën. De Réck ass donkel- bis blogréng gefierft. D'Säiten sinn sëlwerfaarweg mat liichtgielem Schimmer. D'Flossen sinn roudelzeg gefierft. Je no Gewässer an Ernährung kann d'Faarf an d'Kieperform staark variéieren.
Standuert: Am léifsten am Schwarm a flaachen a krauträichen Uwännerzoonen.
Ernährung: Haaptsächlech Klenggedéiësch (Wierm, Mueden, Muschelen, Schleeken, Larven asw..) awer och Waasserplanzen.
Läichzäit: Abrëll a Mee
Schounzäit Grenzgewässer Musel a Sauer: 01.03 – 14.06 **Schounzäit Grenzgewässer Our:** 01.01 – 14.06 **Schounzäit Binnengewässer:** 01.03 – 14.06
Fëschmooss Grenzgewässer: 15 cm **Fëschmooss Binnengewässer:** 15 cm
Indikatiounen ouni Garantie